Mediensplitter

# „Alice, hal op den Joe Rogan ze kucken!“

Kuckt ee sech déi momentan sozial Medielandschaft un, huet sech d'politesch Proliferatioun an de Raum vun *Instagram-Slideshows* a Kuerzvideoe verluecht. Esou geet et net méi duer, als Politiker*innen oder als Partei Communiquéen, Meenungsartikelen an ëffentlech Debatten ze publizéieren an ze féieren, mee Graphikdesign, Algorithmusnavigatioun a *storytelling* hu sech am politeschen Alldag verwuerzelt. D'Friichten awer droen anscheinend just eng Hallschent vum politesche Spektrum.

Wärend verschidden Nimm wéi den amerikanesche Streamer Hasan Abi op der Livestream-Plattform Twitch de Sozialismus priedegt, dominéieren op Youtube déi Riets. De Youtube-Algorithmus erméiglecht einfachen Zougang zu der sougenannten *Alt-Right Pipeline*, oder (méi akadeemesch): dem *Alternative Influence Network*. D'Rebecca Lewis huet 2018 fir *Data&Society* eng Studie publizéiert, déi dëst Netzwierk detailléiert illustréiert a si huet erausfonnt, dass de Wee mat gielen, rietsen Zille ganz schnell bei den nationalisteschen Zauberer féiere kann.[1] Um Wee gëtt ee begréisst vum reaktionäre Komiker a Podcaster Joe Rogan, dem „däischteren Intellektuellen“[2] Jordan Peterson, bis op eemol Nimm wéi Ben Shapiro, Steven Crowder an de wäissen Nationalist Sargon of Akkad sech dem Trupp uschléissen.

Zu Lëtzebuerg si mer nach net esou wäit, och wa sech d'Jugendpartei vun der ADR op TikTok vun den ernimmten Agenten Strategien uneegnen an déi och, leider, effektiv ëmsetzt. Nee, mee zu Lëtzebuerg awer dominéieren déi – wéi ech si nennen – „Libfluencer“. Jonk liberal Parteimemberen, déi duerch zimmlech attraktiv an awer vag politesch Aussoe versichen, d'Jugend a generell d'Populatioun ze „informéieren“ a politesch z'aktivéieren.

Dat beschte Beispill ass de Christos Floros. Wärend hie läscht Joer säin Instagram-Kanal benotzt huet, fir Politik accessibel ze maachen, stellt sech kuerz virun de Walen eraus, dass hien Deel vun der DP ass (a war) an huet och fir dës, spezifesch fir de Xavier Bettel (och hei am *forum*[3]*)*, gepuscht. Et ass *aimable,* dass een op säin eegene Wëlle, Leit Zougang zur Politik wëll erméiglechen, mee Accessibilitéit freet och fir Transparenz, well d'Verständnes vu Politik ëmmer juxtaposéiert ass mat senger eegener Perceptioun a Praxis vun döser.

Leider feelt et och zu Lëtzebuerg u lénken Influencer, déi di selwecht Popularitéit hu wéi d'„Libfluencer“ (obwuel op „Lëtztwitter“ éischter déi progressiv a lénk Stëmmen dominéieren). Ass hinnen d'Spillfeld iwwerlooss, dauert et net laang, bis Lëtzebuerg vum liberale Mëttelfeld an hir eegen *Alt-Right Pipeline* transitionéiert, an dat huet sécherlech en Impakt fir déi nächst Walen an op d'politesch Landschaft.

**Cosimo Suglia**

1 http://tinyurl.com/je4tckch (fir d'lescht opgeruff den 20. Februar 2024).

2 http://tinyurl.com/4fn9775h

3 http://tinyurl.com/4rm375uc

**forum**
für Politik, Gesellschaft und Kultur

Gegründet: 1976
Herausgeber: forum ASBL
Durchschnittliche Auflage: 1.700 Exemplare
6 Ausgaben im Jahr
ISSN 1680-2322

**Ständige Mitarbeiter*innen**
Thomas Köhl, Pierre Lorang, Michel Pauly, Yves Steichen, Petra Stober, Viviane Thill, Raymond Weber

**Koordination**
Naomi Berrend
Philippe Reuter
Françoise Stoll

**Sekretariat & Anzeigen**
Ute Hoffmann

**Autor*innen dieser Ausgabe**
Sara Andjelkovic, Naomi Berrend, Stefan Braum, Claire van Duin, Philippe Ernzer, Fernand Fehlen, Melody Funck, Lisa Gardin, Almin Hrkic, Yannick Iannelli, Stéphanie Lukasik, Joana Majerus, Jeff Mannes, Daniel Moutinho, Melissa Mujkić, Pit Panther, Michel Pauly, Judith Reicherzer, Nora Schleich, Leslie Schmit, Mira Sorrentino, Jürgen Stoldt, Misch Strotz, Cosimo Suglia, Anina Valle Thiele, Viviane Thill

**Interviewpartner*innen**
Thierry Hoscheit, Catia Monteiro

**Alle Karikaturen**
© Carlo Schmitz

**Layout**
Bakform

**Druck**
Imprimerie Heintz, Pétange

Namentlich gezeichnete Artikel geben nicht unbedingt die Meinung der Redaktion wieder. Nachdruck und elektronische Verbreitung von *forum*-Beiträgen nur mit ausdrücklicher Genehmigung. © 2024 by forum ASBL

**Bezugspreise**

| | |
|---|---|
| Einzelheft | 7 € |
| Jahresabonnement | 36 € |
| Jahresabonnement im Ausland | 48 € |
| Geschenkabonnement | 25 € |
| Abo 27 und Arbeitslosenabonnement | 25 € |

Abo abschließen unter www.forum.lu/abo-angebote oder durch Überweisung auf das *forum*-Postscheckkonto
IBAN LU83 1111 0611 5444 0000 | BIC: CCPLLULL
mit dem Vermerk „Neuabo ab (Monat)“
und vollständiger Adresse.

**1, rue Mohrfels, L-2158 Luxembourg**
**Tel.: 42 44 88 (Montag bis Freitag, 9-12 und 14-17 Uhr)**
**E-Mail: forum@pt.lu | www.forum.lu | Twitter: @forum_lu**
**Facebook: @forum.Luxemburg**
**Instagram: @forum_lu**

Avec le soutien financier du Ministère de la Culture et conventionné avec le Service des médias et des communications du Ministère d'État

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État